

Mar wäert ech goen? Mar ginn ech !!!

Wien eng Grimmelspieres fir Sprooch a Sproochen huet, deem fale ganz interessant Saachen op; net nëmme wéi si Famill matenee sinn (oder net). Och wéi si funktionnéieren, dat heescht an hirer Grammatik; méi komplizéiert: an hirer Morphologie an hirer Syntax. Do fanne mir bei der Lëtzebuergescher Sprooch däitlech Ënnerscheeder mam Däitschen oder Franséischen. Mir hunn z.B. **keng Verb-Modus-Zäit-Form fir de pure «FUTUR»** ausgedrëcken.

Am Latäin, grad ewéi an den anere «romanesche» Sproochen, do gëtt fir de Futur eng «Endung» un de «Stamm» gehaang, oder d'Gesicht vum Verb ännert esouguer total: *ibo (ire!) - j'irai (aller!).* An de germanesche Sproocher gëtt de Futur mat engem Hëllefverb ausgedrëckt: *ich werde gehen; I will go; ik zal gaan* asw... an am Lëtzebuergeschen? Mä mir sinn déi eenzeg aus dem romango-germanesche Sproochekrees, déi fir de pure Futur weder eng «Endung / terminaison» nach en Hëllefverb gebrauchen! **Mir huele fir d'Zukunft ze bestëmmen en Zäitwuert oder eng Zäitbezeichnung:** *her-no, mar, gläich...*; *déi aner Woch, an engem Mount, dat nächst Joer...* a mir verstinn äis prima domat. Dat maachen och nach aner Sproochen, déi vun honnerte Millioune Leit geschwat a verstane ginn. Méi einfach gesot: mir brauche keng grammatesch Komplikatioun, fir dat auszudrëcken, wat nach kënnt. Typesch!

Dir denkt elo, et gif ower och gesot: *Déi aner Woch wäert de Minister eng Ried halen. Ech wäert dir Bescheid soen. Dee wäert dat scho maachen...* dat ass op Lëtzebuergesch d'Ënnersträiche vun enger Hoffnung, enger Sécherheet oder Onsécherheet («dee wäert jo alt net...») oder fir engem dobäi e Féngerchen ze maachen («ech wäert dir et soen!»). Klenggekeeten? Mä da wibbelt et am korrekten Franséischen, Däitschen oder Engleschen nëmmen esou vu Knätzelerien. Dat huet nun emol mam Charakter an der Eegenart vun de Sproochen ze dinn... och bei den typeschen Elementer vun eiser Sprooch! ■ P.W.

P.S.: der Madame Jeanine Theis-Kauth an dem Här Roby Pauly soe mir merci, dat si äis extra op dës Iddi fir e klengen Artikelche gestouss hunn.

‘Ëm d’Päischte’ beim Kolleg Michel RODANGE zu Wolz

De Michel Rodange war Schoulmeeschter (Steesel a Fiels), iert hien duerch seng klesper Gesondheet (Mo!) iwwer e Concours an d'Stroossebau-Verwaltung gewiesselt ass. Praktesch alles, wat hie geschriwwen huet, weist kloer op seng natierlech pädagogesch Talenter. Et waren d'Schoulmeeschteren, déi eisem Nationaldichter 1927 op dat Haus eng gosse Plack gehaang hunn, an deem de REENERT geschriwwen ginn ass. Si hunn domat ee vun hiren Dichtegste gefeiert. Eis Actioun-Lëtzebuergesch, zesumme mat der CGFP och, mat dem Medaillon «Julien Lefèvre» vum Rodange op deem Haus (Café REENERT).



D'Schoulmeeschtesch-Promotioun vun 1954 hat d'Joer drop gehal, fir de RODANGE-Kulturwee an hiren Conveniat mat eran ze plangen. Déi Häre ware vum nationale Konschtwierk RODANGE-WEE beegeschtert. Well all Stonn en direkten Zuch op Wolz an erëm fiert, a well **de Monumente-Parc nëmmen 250 Meter vun der Wëlzer Gare ewech** ass, huet och kee vun deenen eelere Männer duerno an der Däischtert brauchen erof an d'Ländchen ze «knöchelen».

Mir freeën äis drop, dat ëmmer méi Leit, ganz Famillen, Veräiner an déi verschiddenst Gesellschaften de Wee mam Zuch oder mam Bus op Wolz 'bei de RODANGE' fannen. Dat nationaalt Streikmonument, d'Gënzefest, de Festival 'am Schlass', den herrleche 'Mustergaart' uewent der aller Brauerei Gruber, de Brauerei's-Musee am Grofe-Schlass, de Rodange-Reenert-Kulturwee an eng landschaftlech eemoleg Situatioun: Elauter Ursachen, fir sech Wolz op de Weekend- a Feiertag-Kalenner ze schreiwen! ■ L.R.

Wou? Wat?

An der N.120 vun der KLACK hate mir als Photo e stenge Kapp, riets vum ale Cathedral-Portal. D'Madame Andrée REDER vu Péiteng hat et als eenzeg erausfonnt! An der Nummer 122 geet et weider mat eisem Photo-Spill.

«en français, s'il vous plaît!» vum Lex Roth

... héiere mir ëmmer méi dacks a Geschäfte, am Restaurant, vläicht a Spideeler oder iergendwou an engem Guichet. Mä wéi bei esou villem ass et och hei **den Toun, deen d'Musek mécht**. Wann een äis dat frëndlech seet, net granzeg oder eng Grimmelchen arrogant dobäi drakuckt, da fällt et kengem verstännege Mënsch an, ze baupsen oder sech an d'Héngerbrocht ze puchen. Leider ass dat ower net ëmmer de Fall... an da kënnt et aus dem Bësch erëm, wéi een dra rífft.



Op deer enger Säit gëtt verlaangt, dat déi «hannert der Théik / Caisse» Lëtzebuergesch schwätzen. Op deer anerer Säit freet knapps een sech, wéi dee vis-à-vis da ka Lëtzebuergesch léieren. Ganz rar schéngen déi, déi **prett sinn, engem auslännesche Mënsch dat eent oder anert Wuert an eiser Sprooch bäizebréngen**; sief dat beim Kontakt op kommerziellem Plang, als Noper vun niewendrun, oder esouguer am selwechten Haus. Op jidder Fall ass all Agressivitéit an deer Saach dolaanscht. Dat Eenzegt, wat zielt, ass ziviliséiert Zwëschemenschlechkeet; et kënnt ee bal soen, den «diplomatesche» Wee.

Wann all 'gudde Broutdag' ëm déi 200 000 Auslänner hei am Land als Awunner oder «Frontalier» schaffen, da kënne mir dach **net maachen, wéi wann d'Fro vun der Sprooch äis perséinlech an iwwer en Humpegespréich eraus näischt gif ugoen**. Wa mir si net bräichten, da wieren si net hei! Wann si äis net missten hunn, da gifen si bestëmmt léiwer doheem bei sech schaffen... dat ass eng prinzipiell Iwwerleeung, laanscht déi logescherweis kee kënnt: *si* net, mä mir och net!

Mir mussen dobäi ënnerscheeden, wou déi Leit schaffen, déi bei äis era kommen. Wann dat um Bau ass, 'hannenaus' an engem Atelier, engem Garage, engem Lager, am «back-office» vun enger Bank, da spillt d'Sprooch keng apaart Roll. Ass et ower an engem Geschäft, am direkte Kontakt mam Client, da gëtt et natierlech méi **kriddeleg... a leider dacks 'réffeg'**. Dat ass schued, well et si jo zugudderlescht Mënschen, déi mateneen eens sollen / musse ginn. Do bréngt e frëndlechen a verstännege Bléck vill méi ewéi e knadderegt Gesiicht oder domm-frech Bemierkungen... vun deer enger wéi vun deer anerer Säit.

Mir kënnen hei elo vum **Spidol-Milieu** schwätzen; dat ass eng ganz aner, eng dramatesch Problematik! Si ass kontaktméisseg, psychologesch esou ongeheier (onheemlech?) no wéi bal keng aner; wat d'Sécherheet ugeet. Do kann se bis bei eng bedauerlech Katastroph féieren (wat heescht iwregens «*décédé 'inopinément' à la clinique XYZ?*»)... ower bis elo ass rosewéineg op deem Gebitt geschitt, an dat bei iwwer 70% auslänneschem Personal, vun deem erëm wäit iwwer d'Halschent kee Paff Iddi vun der PATIENTESPROOCH kann... an de Patient der net e sëlliche vun hirer. Verzielt engem dat an Däitschland, an der Belsch oder am Frankräich... deen äntwert iech mat engem ASTERIX-Zitat: «*Mais ils sont fous, ces Luxembourgeois!*»... an der Lëtzebuergescher Asterix-Versioun heescht dat: «Déi sinn tibi!»

Mir setze bal eng Spezialcommissioun fir all Äppelbam oder jidder Mëschtekaul an, déi solle geréckelt ginn; déi katastrophen Sproochsituatioun um ganze Gebitt vun der SANTÉ loosse mir einfach, bis op e bëssen **Alibi-Geknéchels**, lafen... «en français, s'il vous plaît»... a wann een da (bal) keent kann? Dann hat ee Pech.

Muss dat da sinn???

datt engem säin *Abschied* fir den *Antrëtt* an d'Pensioun gefeiert gëtt?... *datt uschléissend* eng *Mass* soll *stattfannen*?... *datt d'Mitglieder vum Virstand* och do waren?... *datt mir sollen opriichteg* bleiwen?... ower eis Sprooch net *oprecht*, mä **an der Riicht** sollen halen!

Den 10. Oktober 1941 hunn «si» d'Lëtzebuergescher net dozou kritt, ze soen, hir Sprooch wier däitsch. Dat maache mir haut plazeweis propper selwer... a mengen nach, da wier et esouguer besser, well et esou «gedréckt» wierkt.

Dat Aller-Gelungenst: Wien sech fir eis Sprooch asetzt, gëtt fir en nationalistesche Fanatiker gehal a geschleeft; wie fir éierbart Lëtzebuergesch ass, kritt de «Purist» nogehäit... ausge-rechent vun alen a fonkelneie Stalinisten oder Maoisten... déi nach ëmmer genee gewosst hunn, wéi a wou ee Leit mat Psychoterror fäerdeg mécht. ■ H.M.



Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch

Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 38 000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

39,50 €

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).